Léif Memberen vun der Parteileedung,

Ech wende mech haut un iech mat enger aner Vue op d'Situatioun an där d'Partei zënter enger gudder Zäit ass. Ech sot et e Méinden, ech hu sécher Feeler gemaach – virun allem wat Dokumentatioun vun Decisiounen ugeet –, mir als Partei hunn vill ze heefeg eis Gouvernance hannen ugestallt an et ass elo einfach mam Fanger ze weisen wéinst engem eenzelen Dossier, mee et sollt een ëmmer drun denken, wann ee mat engem Fanger op anerer weist, weise 4 Fanger op ee selwer zeréck.

Dir verlaangt zu Recht no Transparenz an Opklärung an zwar a méi wéi engem Dossier innerhalb vun der Piratepartei. Datt mir Problemer mat Gouvernance hunn dierft jiddereen déi läscht Woche, Méint a Jore gemierkt hunn. An ech verstinn de Frust vu ganz villen datt se vill Donnéeën an Informatiounen net hunn oder nëmme vereenzelt matkréien. Dofir hunn ech déi läscht Deeg all Daten zesummegedroen un déi ech komme kann oder déi ech hunn. Ech loossen d'Date fir sech selwer schwätzen, dir kënnt mir gäre Froe stellen – virun allem firwat ech net éischter eppes gesot hunn – a mech challengen. All Zuelen déi ech hei drënner presentéiere kommen direkt aus dem Export vun eise Konten[1] an ech kann eenzel Zuel ass ënnermauert. Mir kënnen vläit bei der enger oder anerer Dépense doriwwer diskutéieren ob se richteg attribuéiert ass, ech weess awer datt dat d'Gréisstenuerdnung net verännert.

Ech hu probéiert dëst Dokument sou objektiv wéi méiglech ze halen. Dofir loossen ech iech d'Konklusiounen zéien, ech well och net op perséinlech Choixen agoen, net diskutéieren ob ee Member gutt oder schlecht fir d'Partei ass oder war. Fir mech gëllt datt jiddereen deen d'Partei verléisst dat aus Grënn mécht déi him eege sinn, ech verstinn se vläit net an akzeptéieren se awer an heefeg verstinn ech se an hunn awer no baussen d'Partei verteidegt ouni ëffentlech Diskussiounen lasszetréppelen. Just an zwee Deeler vum Dokument sinn ech méi perséinlech, well dat Reproche géint mech perséinlech ubelaangt an ech déi net einfach esou stoe ka loossen. Se si markéiert datt se méi perséinlech sinn a wann iech just Zuelen a Fakten interesséieren dann kënnt dir se iwwersprangen.

Vu datt dëst Dokument e bëssi méi laang ass gëtt et hei e klengt Inhaltsverzeechnis mat Links op déi eenzel « Kapitelen ».

[1] Folgend Periode si couvréiert : BCEE Partei : 2014 bis haut ; BCEE Fraktioun : 2018 bis haut ; VISA-Kaarten : Januar 2023 bis haut.

Gouvernance & Féierung ..... 3
D'Aart a Weis ze schaffen ..... 3
Lien'e mat Firmen ..... 6
Parteigelder ..... 8
Relatioun mam Marc Goergen ..... 9
MALT – Mobile Assisted Language Tool ..... 10
Meng Meenung ..... 13
Kritiken vu KPMG ..... 13
Frais personnel – Absences pour maladie ..... 15
Frais d'équipement ..... 15
Serverkäschten ..... 15
Soustraitance Kontrakter ..... 15
Aarbechtskontrakt ..... 15
Remboursement ? ..... 15
Responsabilitéit ..... 16
Finanze vun der Partei ..... 17
Recette ..... 18
Jetonen Gemeng ..... 18
Jetonen Chamber ..... 18
Donen ..... 19
Impakt Walresultater ..... 20
Ausgaben ..... 21
Wien huet wat kritt aus der Partei ? ..... 22
Fraktioun ..... 23
Decompte ..... 24
Annexes ..... 25
E-Mail vum 30. Juli 2023 un d'Parteileedung ..... 25
Kommunicatioun mam ONA betreffend Remboursement ..... 25
App Store Removal Notice ..... 26

# Gouvernance & Féierung

DËSEN DEEL ASS BËSSI MÉI PERSÉINLECH WELL ET MECH DIREKT BETRËFFT

Dir konnt ë Mëttwoch am Wort[2] liesen datt Follgendes gesot gouf :

> *„Ben kommt nicht mit Sven klar“, bringt es Goergen auf den Punkt. „Nicht mit der Art und Weise, wie er arbeitet, wie er seine Firmen einbringt, wie er mit den Parteigeldern umgeht. Und vor allem hat er, wie ich übrigens auch, das Gefühl, dass wir Mitarbeiter von Sven sind, aber keine gleichberechtigten Partner“, fährt der Abgeordnete aus dem Süden fort.*

Hei gi mir direkt e puer Saachen ënnerstallt op déi ech eenzel wëll agoen :

## D'Aart a Weis ze schaffen

Aus dësem Zitat an aus aneren an anere Medien geet ervir ech géif mech wéi een Herrscher iwwert aanerer stellen. Falls dat esou wier an dat Gefill bei Muncher engem herrscht dann entschëllegen ech mech als alleréischt. Éischtens ass dat net wéi ech déi läscht 15 Joer an der Partei erlieft hunn nach ass et esou datt ech är Meenung an äert Schaffen net immens schätzen. Dat wat stëmmt an dat sot ech jo well e Méinden, ech mengen net datt een fir zesummen ze schaffen muss beschte Kolleege sinn. Ech mengen datt et awer den noutwennege Respekt virun dem Anere brauch, deen hunn ech an allen Diskussiounen ëmmer nees opbruecht a mech ëmmer virun d'Partei an hir Leit gestallt.

Wann eng Entscheedung vun engem Gremium geholl gouf – z.B. wéi mir iwwert en Dossier kommunizéiere wëllen – dann hunn ech dat respektéiert an ëmgesat. Wa mir Saache geplangt hunn, dann hunn ech probéiert Leit anzebannen.


Als ee Beispill wëll ech den Ënnerscheed tëscht Chamber- an Europawalen ubréngen. Bei de Chamberwalen gouf déi ganz Parteileedung em Avis gefrot wat d'Themeplakater an d'Zesummestellung vun de Plakater an och d'regional Opdeelung ugeet. Mir haten (méi wéi) hëtzeg Diskussiounen an et huet missten e Kompromëss negociéiert ginn, un deen ech mech och uschléissend gehalen hunn.

E Beispill dofir waren d'E-Mail-Echangen vum 30/7 bis 2/8 an der Parteileedung betreffend Plakater. Dir fannt se an der Annexe.

Och de Choix respektiv d'Plangen vun de Fotosessiounen – als eent vu ville Beispiller – ass net vun « uewen erof » gemaach ginn, mee an engem längeren E-Mail-Thread diskutéiert ginn. Hei just d'Unzuel vu Mailen fir eng – u sech – einfach Fro.

---

[2] https://www.wort.lu/politik/marc-goergen-ben-kommt-nicht-mit-sven-klar/16090654.html




Esou Beispiller ginn et der nach méi an eppes hunn se gemeinsam, ech hunn zu all Zäitpunkt probéiert Kompromësser a Konsens ze fannen. Et goufen natierlech Ausnamen an heiansdo hunn ech dat och kloer gesot, net fir mech iwwert een ze stellen, mee fir net dobaussen mussen eppes ze vertrieden wat ech net vertriede konnt.

Och zum Thema Participatioun hunn ech eis Aarbechtsgruppe verteidegt, wéi kuerz virum Vott vum Programm Leit, déi net an Aarbechtsgruppe waren, hir Siicht wollten duerchdrécken. Mee och do hunn ech herno d'Kompromësser akzeptéiert an och esou an der Campagne vertrueden.

Dofir gouf awer heefeg an der Campagne gezielt ech hätt Decisiounen geholl, déi ech net geholl hunn. Sou zum Beispill den 24/7/2023 den Dag wou d'Lëscht am Norden presentéiert gouf, op déi ech iwwregens keen Afloss geholl hat well ech d'Bezierker dat maache gelooss hunn. Wann een gefrot huet, hunn ech meng Meenung gesot.







Méi spéit an der Campagne wéi et em D'Zeitunge goung hunn ech d'ganz Parteileedung mat agebonnen fir d'Inhalter ze validéieren an de Bezierker fräi Hand gelooss se unzepassen. Och dat léisst sech retracéieren. Zum Beispill datt mir eis den 3. Juli an enger Parteileedung fir d'Format ausgeschwat hunn an datt bis den 11. August mat de Bezierker op Basis vun engem Entworf vum Marc Goergen dru geschafft gouf. Am

August sinn d'Zeitungen no expliziter Fräigab vun hire Bezierker an den Drock gaangen. Dat selwecht géllt fir d'Themen déi Kandidat :innen op hiren Hohlkammer-Plakater konnten hunn. Dofir gouf et e Koordinatiouns-Chat wou souwuel De Marc wéi de Ben an d'Grafiker dra waren. Trotzdeem sinn am Walkampf nach aner Plakater opgetaucht déi Leit laanscht d'Parteileedung bestallt hunn obwuel d'Parteileedung an engem Punkt vum Marc Goergen den 21. Juni well festgehalen hat :

« *Fir d'Bestellungen : d'Commanden gi vun der Parteileedung ofgeseeent. Et gëtt ee Budget vun der Parteileedung fixéiert, wat d'Bezierker vu Material kréien.* »

Dëst sinn elo e puer Elementer aus der Diskussioun an der Partei, a virun allem wärend dem Chamberwalkampf, dir kënnt iech jo selwer froen ob dir an de Gemengewalen an an den Europawalen änlech agebonne waart. Ech fir mäin Deel stelle fest datt d'Parteileedung weder iwwert d'Plakater nach iwwert d'Zeitung informéiert war éiert dës well am Drock war. An doriwwer wéi d'Lëscht opgestallt gouf well ech net agoen, ech well just hei nach eemol kloerstellen datt ech bis haut net weess wien alles Kandidat wor fir op d'EU-Lëscht an ech der 6 virgeluecht krut an de Marc Goergen eis gesot huet : « Wann dir déi unhuelt, dann maachen ech de Walkampfmanager, soss maachen ech näischt. » a vue datt ech no de Chamberwalen dodrop keng Loscht hat hunn ech déi Lëscht, wéi vill Leit genee sou matgedroen. Wier ech deen groussen Autokrat hätt ech dach u sech missten eng eege Lëscht kënnen duerchsetzen ?

Wat d'Aarbecht an der Fraktioun ugeet verwonnert mech déi Ausso am Artikel och, ech hunn ëmmer d'Grenzen vun de Kolleegen hire Kommissioune respektéiert, hunn nëmme ganz seelen QPe gestallt déi net meng Kommissioun betraff hunn, a soss hunn ech se meeschtens zesumme gestallt. Ëmgedréint ass dat awer méi heefeg virkomm.

Och wat d'Rieden an der Chamber ugeet hunn ech déi gehalen déi meng Kommissiounen betreffen plus den Etat de la Nation well dat Traditioun ass datt de Fraktiounsspriecher déi hält. Wann ech net an eng Kommissioun konnt hunn ech – wann ech dru geduecht hunn – deenen aneren proposéiert mech z'ersetzen. Och wat d'Ofstëmmunge vu Projeten ubelaangt déi mir an de Fraktiounssëtzunge beschwat hunn, hunn ech deenen anere vertraut a genee sou heefeg meng Meenung gesot wéi vun deenen aneren eng Meenung héieren. Et ass elo einfach esou eppes an de Raum ze stellen, mee ech ka mech bewosst u keng Entscheedung an der Fraktioun erënneren wou ech eppes imposéiert hätt.

Wann een sech d'Fro stelle muss wéi en schafft dann eise Koordinator deen hannert dem Réck vu Memberen an der Parteileedung Entscheedungen héllt, déi mat Drohungen (z.B. "Da schaffen ech näischt fir d'Campagne") forcéiert an Informatiounen ëmmer nëmmen an homeopatheschen Dosen verdeelt fir d'Kontroll iwwert alles ze halen.

## Lien’e mat Firmen

Dëse Virworf soll jo sou klengen als géif ech mech perséinlech beräicheren. Ech komme méi spéit nach eemol op d’Froe vum Geld zeréck, dofir klammeren ech dat hei bewosst aus.

Jo meng Firmen hu fir d’Partei – a fir d’Fraktioun – Saache gemaach, zum Deel war dat Clement & Weyer Consulting SARL am Kader vu MALT mee och am Kader vun Drocksaachen fir Walkampagnen. Zum Deel wor dat eng Succursale vun enger Firma un där ech knapps 15% gehale hunn fir Websäit an App. Keng vun deene Firmen huet mat den Aarbechte fir d’Partei Benefice gemaach an d’Stonnen déi soss als Project Management verrechent gi wieren (10% vum Budget) hu mir ni a Rechnung gestallt.

Wat Clement & Weyer ugeet sou hu mir haaptsächlech Drocksaachen an eben am Kader vu MALT intervenéiert, wéi et zu MALT koum, erklären ech hei drënner, bleiwen also d’Drocksaachen an do verweisen ech op e Constat deen d’Cour des Comptes fir den Exercice 2017 gemaach huet :

La Cour constate que, pour l'exercice 2017, le parti a systématiquement eu recours à une entreprise interposée pour des commandes. En effet, cette entreprise interposée a fait les commandes respectives en son nom, a réglé les factures qui lui étaient adressées et a procédé par la suite à une refacturation au parti.

Le parti avance les arguments suivants pour justifier cette façon de procéder :

- avantage de ne pas devoir recourir à une carte VISA ;
- avantage de pouvoir profiter de délais de paiement allongés ;
- avantage de pouvoir profiter des taux de TVA luxembourgeois lors de commandes effectuées en Allemagne.



Le parti précise qu'il « n'avait ni accès à des cartes de crédit d'une limite supérieure à 1.000 euros par mois, ni à des lignes de crédit permettant l'acquisition du matériel de campagne nécessaire au bon déroulement d'une campagne électorale. Afin de pouvoir commander des biens en ligne, le parti a donc fait appel à la société interposée pour pouvoir les financer par cartes de crédit ainsi que pour profiter d'une réduction des coûts de 2% en profitant de la différence entre la TVA allemande de 19% et de la TVA luxembourgeoise de 17% ».

La Cour est cependant d'avis que le recours à une entreprise interposée pour effectuer les commandes du parti n'est pas acceptable ne serait-ce que pour des raisons de transparence. La Cour donne encore à considérer que le parti, qui est une a.s.b.l., peut avoir son propre numéro de TVA en remplissant les conditions requises.

Afin de contrôler les opérations effectuées par entreprise interposée, la Cour a demandé au parti de lui fournir les factures initiales ainsi que les factures de refacturation. L'analyse desdites factures a permis à la Cour de constater que les montants refacturés correspondent à ceux payés par l'entreprise interposée, à l'exception de deux cas où des différences minimes ont été notées. La Cour en conclut que le parti n'a pas profité d'avantages financiers et que l'entreprise interposée n'a donc pas accordé de « dons cachés » au parti.

Mam expliziten Hiweis datt tëscht eise Fournisseursrechnungen an de Rechnungen un d'Partei keng Ënnerscheeder – ausser Opronnen – bestanen hunn. Ech sinn och erstaunt datt dëst hei op eemol soll e Problem duerstellen, hunn dach an der Vergaangenheet souwuel Maui Artwork SA (faillite den 11/05/16) déi dem Marc Goergen deemools gehéiert huet fir d'Partei geschafft, wéi och GOWE SARL (faillite den 11/10/19) déi och dem Marc Goergen gehéiert huet. Bleift unzemierken datt tëscht deenen zwou Firmen de Marc Goergen, an de Joren 2016 an 2017, Salarié bei Clement & Weyer war an an deem Kader och Saache fir d'Partei gemaach huet. Iwwert d'Montante schreiwen ech méi am Finanziellen Deel.

Mir haten de Marc deemols agestallt fir him no der Faillite vun MAUI ze hëllefen an him eng Perspektive ze bidden, dat trotz sengem violenten Optrieden nom Kongress zu Péiteng wou hien net als Vize-President gewielt gouf. Et ass e klore Beweis datt ech fir

mäin Deel him ëmmer eng Hand gereecht hunn. Virun allem dann wann et méi schwiereg war.

Wat d'Montanten ugeet si méi Dépensen duerch Firme gefloss an deenen de Marc Goergen en Afloss hat wéi duerch Firmen an deenen ech eng Participatioun hunn. Dëst kënn dir hei drënner novollzéien an iech d'Montanten ukucken.

Et bleift also just déi Succursale bei där ech weder Gerant wor an ech net mol als Bénéficiaire Effectif gefouert ginn, sou kleng ass meng Participatioun, déi ech der Partei uginn hat fir d'Websäit nei ze maachen nodeems mir well Dausende vun Euro u Freelancer op Upwork bezuelt haten an net viru komm sinn. Hei wor et virun allem d'Gestioun vum Projet, déi an den Hänn vum Koordinator an der Co-Spriecherin loung, déi zu Retarde gefouert huet. Et gouf och eng App gefrot, mee ni propper kommunizéiert wat se soll kennen oder vu wou d'Date solle kommen. D'Resultat ass zwar datt mir eng nei Websäit hunn, awer bei der App net weider wéi eng Test-Versioun koumen. Ausser d'Kontaktopnahm hat ech näischt mat deem Projet ze dinn an hunn déi Responsabel dat geréiere gelooss.

Bleift als leschte Punkt Salary.lu – eng weider Firma un där ech eng Minoritär Participatioun hunn (<15%) – déi d'Paieziedelen fir d'Partei an d'Fraktioun generéiert. De Käschtepunkt hei beleeft sech op 10€ pro Mount pro Mataarbechter. Un iech z'entscheeden ob dat deier oder net ass. Och dës Firma huet bis haut keng Dividenden ausgeschott.

Am Resumé bleift ze soen datt Firmen déi e Lien mat mir hunn mat a fir d'Partei geschafft hunn a schaffen, dëst an der Reegel ouni Benefice um Projet ze generéieren an haaptsächlech am Interêt vun der Partei. Och Freelancer wieren bei de Stonnen vum Projet net méi bëlleg, éischter souguer méi deier ginn a missten nach méi encadréiert ginn, eppes wouranner d'Partei ëmmer erëm bewisen huet datt se schwaach ass.

## Parteigelder

Ech huelen un datt den Aspekt « Ëmgang mat Parteigelder » sech och op MALT an op d'Virwërf vun der Beräicherung bezéien. Op dës Punkte ginn ech spéider nach an, sou datt ech hei keng Appreciatioun schreiwen, just datt jiddereen sech e Bild vun den Zuele maachen.

Just eppes faktuelles well ech opwerfen an dat ass datt ech zanter ganz seele Viremente bei der Partei gemaach hunn zanter datt de Gilles Mertz Trésorier ginn ass an datt ech zanter den Chamberwalen keng Viremente méi an der Fraktioun gemaach hunn, mee dëst de Ben Polidori gemaach huet. Dëst ass mat e Grond firwat ech aktuell nach op Remboursementer an Héicht vun 22 878,31 € waarden déi ech der Fraktioun virgestreckt hunn.

Während deen een sech en neien iPad keeft éiert en d'Fraktioun verléist, an e Fligerticket notzt fir an d'Vakanz huet deen aaneren säi Coiffeur a bal all Iessen mat ëffentleche Gelder finanzéiert. Vläit misst de Marc Goergen éiert en esou eppes seet oppassen net am Glashaus ze sëtzen. D'Detailer vun de Montante fann dir hei drënner.

## Relatioun mam Marc Goergen

Datt de Marc Goergen an ech net méi beschte Kollege ginn an och nie waren, dat ass kee Geheimnis, hien huet mir iwwert déi läschte Joren ëmmer erëm Saache virgehäit ech hätt géint hien geschafft, géif hien kleng halen an ech wier Schold datt hien am Oktober 2015 zu Péiteng op engem Landeskongress net zum Vize-President gewielt gi wier. Ech si formell, ech hunn dee Vott net beaflosst an no der Wal alles gemaach fir d'Partei zesummen ze halen, dont Statuttereformen fir datt de Marc der Partei konnt erhale bleiwen, dëst trotz sengen ëffentlechen Äusserungen.

Trotz allem hunn ech – op Käschte vun anere Relatiounen – hien verteidegt, an der Presse, bei Memberen a generell no baussen. Souguer agestallt hunn ech en fir him aus enger mësslecher Situatioun ze hëllefen.

De Merci wor ëmmer erëm Aktiounen wou hien sech net un Ofmaachunge gehalen huet, Votten vun Parteigremien ignoréiert huet a sou laang gewurschtelt huet bis de fait accomplie do war an näischt méi z'änneren ausser et ze verteidegen. Méi wéi eemol wor ech um Punkt d'Bengele bei d'Tromm ze puchen. 2015 wéi en d'beleidegt Diva gespillt huet, 2018 während de Chamberwalen, ech ka mech gutt erënneren doheem ze sëtzen a vun him domadder confrontéiert ze ginn, hien géif d'Lëscht Plaze loossen wann hien net säi Wëlle géif kréien an duerno net méi areechbar war. No de Chamberswalen ass et weider gaangen, seelen war hien um Bureau, huet net mat der Ekipp geschwat an och do 5 Joer laang alles a separaten Chat-Gruppe gemaach.

De Clou wor wuel wéi en vis-à-vis vu Parteimemberen erziele gaangen ass datt ech géif bei Escorts goen, an ech wier sou domm dat mat der Fraktiouns-VISA ze bezuelen…

Méi wéi eng Kéier stung ech am Bureau a wosst menger Hänn kee Rod, dat erklärt och firwat ech progressiv d'Ziggel aus der Hand ginn hunn a mech op déi Dossiere konzentréiert hunn déi mir Spaass maachen a leien. Dozou gehéieren och déi international Dossieren an der Chamber.

Och an de Chamberswalen – an déi, déi derbäi waren erënneren sech – wor ech um Punkt einfach ze resignéieren. Ze vill wollt hien mir imposéieren mam Argument "vill Leit wëllen dat", komescherweis hunn déi "vill Leit" sech ni manifestéiert. D'Parteileedung ass ëmmer als Argument geholl ginn wann hien eng Decisioun wollt kippen, wor et awer eng vu sengen Décisiounen (Gemengewalkampf, Europawalkampf) dann ass d'Parteileedung net mol a Kenntnis gesat ginn.

Ech hu gutt gekuckt no Baussen e Bild ze verkafen an d'Verwaltung um Lafen ze halen, an hien huet Decisiounen an Initiativen torpedéiert wou en nëmme konnt. Do derbäi koum datt och am Chamberwalkampf de Budget net agehale gouf well hien separat nach Saachen gebucht huet, laanscht d'Parteileedung a laanscht mech.

Och am Alldag ass et esou datt d'Partei regelméisseg an der läschter Minutt muss Saache bestellen – an dann zu deiere Präiser – well verpasst gouf mat Zäiten ze plangen an de bëllegsten Operateur kënnen ze huelen. Dofir gëtt dann awer iwwerall gesot “#selwergemaach” a vergies ze soen datt hien fir Dausende vun Euro Grafiker drop ugesat huet während senge Kampagnen.

Ëmmer hunn ech et verteidegt, wéi de Jerry gaangen ass hunn ech e beknéit et méiglechst diskret ze maachen, wéi de Gabriel Bleser gaangen ass huet de Marc en encouragéiert et méiglechst visibel ze maachen. Ech hu mam Pascal negociéiert datt en réischt no den Europawalen sollt goen, an erreecht. Wann d'Sektioun Stad eppes entscheed muss sech – laut Marc – direkt d'Parteileedung domadder befaassen, wann d'Sektioun Péiteng e Bureau fir > 2.000 € pro Mount lount dann ass dat d'Autonomie vun der Sektioun. Sou zumindest laut Marc.


An all Dossier vun de läschte Joren hunn ech mech viru jidderee gestallt, a méi wéi eemol virun de Marc, an emgedréint ass genee de Contraire de Fall wéi een an de Presseartikele vun dëser Woch liese kann.

Dir gesitt dës Relatioun ass méi wéi schwiereg an ech hätt schonns laang missten méi aktiv eppes soen, et ass mir elo just wichteg datt dir och eng aaner Klack lauden héiert an net nëmmen eng Versioun vun der Geschicht.

Ech recommandéieren am selweschte Kontext och nach eemol all d'Artikelen déi d'Press an de läschte Joren zu dem Sujet geschriwwen huet an da gesidd dir wéi ech mech ëmmer virun eis Leit gestallt hunn, dofir fannen ech d'Virwërf perséinlech em sou méi schlëmm. Elo ze behapten ech wier responsabel fir Mobbing wann an der Vergangenheet méi wéi eng Instanz genee de Contraire behapt huet ass d'Fakte verkennen.

## MALT – Mobile Assisted Language Tool

Den Dossier deen am Moment am meeschten d'Gemidder beweegt ass bekanntlech « MALT ». Ech ginn iech als éischt eng kleng Timeline, dann de Kontext vum Projet fir uschléissend op déi eenzel Punkten aus der Synthees vum Audit – dat eenzegt wat eis virläit – anzegoen an ofschléissend ginn ech op e puer Froen aus der Parteileedung vun e Méinden an.




| | | |
|---|---|---|
| Publicatioun vum "Appel à projets" | 9 apr 2015 | |
| Candidature | 29 sep 2015 | |
| Acceptatioun | 10 dec 2015 | |
| Signature vun der Konventioun #1 | 26 jul 2016 | |
| Marché publique procédure ouverte | 21 aug 2016 | 12 sep 2016 |
| Lancement Beta | 3 jun 2017 | |
| Signature vun der Konventioun #2 | 21 jul 2017 | |
| Lancement v1.0 | 11 jan 2018 | |
| Enn vum Projet | 31 jul 2019 | |
| Retrait App Store | 15 oct 2021 | |
| Audit KPMG | 11 nov 2022 | 28 feb 2023 |
| 1. Demande fir Pièces | 21 jun 2023 | |
| Äntwert mat Pièccen | 27 jul 2023 | |
| "Demande" vum Remboursement | 16 nov 2023 | |
| Äntwert Piraten | 22 dec 2023 | |
| Demande vum ganzen Audit | 6 jun 2024 | |
| 1. Kontakt Presse | 6 jun 2024 | |
| COMEXBU | 1 jul 2024 | |

De Kontext vun de m Projet wor d'Flüchtlingswell vun arabeschsproochege Flüchtlingen am Summer 2015 y inclus den Doud vum Aylan Kurdi deen d'Welt waakreg geréselt huet. Mir wossten aus dem Ëmfeld vun der Piratepartei datt dës DPI[3]/RPT[4] zu Lëtzebuerg deemools just franséisch Couren offréiert kruten a keng Plazen a lëtzebuergesche

[3] Demandeur de protection internationale
[4] Ressortissant de pays tiers

Coure wor. E lëtzebuergesch Cours kascht beim INL iwwregens 280 € pro Persoun am A1 – also fir absolut Ufänger.



An deem Kontext hate mir d'Iddi fir ze hëllefen an eben dëse Leit z'erméiglechen Kontakt mam lëtzebuergeschen ze kréien. D'Zil wor 1.000 Persounen zum matmaachen ze kréien (vun ca 2.500 Betraffenen) an 250 « Absolventen » vun alle Modulle z'areechen. Den ursprüngleche Budget war 208.115,61 € a mir hu schlussendlech just 159.006,62 € un Dépensen agereecht. Mir hunn – tëscht dem 3. Juni 2017 an dem 31. Juli 2019 – 987 Persounen schlussendlech areecht fir e Käschtepunkt vun 161,10 € pro Persoun an 241 hunn all d'Modulle ofgeschloss fir en Taux de réussite vun 24,41%. Nom 31. Juli 2019 hu mir keng Statistiken méi erhuewen, mir wëssе just vun Apple datt se och uschléissend nach eng 343 Kéieren erofgeluede gouf a ronn 19.100 mol opgemaach gouf.




Wichteg ze soen ass datt d'Partei deemools 10% vun alle Käschten direkt selwer gedroen huet a « just » 90% vum ONA krut, dovunner d'Hallschent vun der EU an d'Hallschent national. Mir hunn also deemools 15.900,66 € schonns selwer gedroen. An och nom Projet bis Oktober 2021 den Server weiderbezuelt fir de Projet um lafen ze halen.

Dir gesitt aus dem Tableau an aus der Grafik datt d'App tëscht dem 3. Juni 2017 an dem 15. Oktober 2021 – also iwwer 4 Joer – disponibel war an och genotzt gouf. Dir kënnt iech elo d'Fro stellen firwat d'App am Oktober 2021 huet missten aus dem App Store geholl ginn, an dat ass berechtegt. Et ass esou datt mir mat iOS 10.3 ugefangen hu mat

entwéckelen an haut bei 17.5 sinn. All Kéiers wann d'Versioun virum Punkt ännert muss een Updates maachen a vu datt de Projet am Juli 2019 ofgeschloss war, hu mir doriwwer eraus d'App nach iwwer 2 Joer bénévole aktualiséiert gehalen, éiert e sou e groussen Update néideg gewiescht wier, datt et net méi sënnvoll war, och well d'Unzuel un DPI dramatesch ofgeholl hat. Dir fannt an der Annexe och d'Schreiwes vun Apple.

Fir voll Transparenz ze schaafen kann ech iech hei och d'Konventiounen, mat de Budgeten an den Ofschlossrapport schécken, ech denken et géif awer hei de Kader – nach méi – sprengen. Dir kënnt, wann dir wëllt dësen also selwer duerchliesen

## Meng Meenung

Wann ee mech haut ëm meng Meenung zu MALT freet, da soen ech nach ëmmer datt et eng gutt Iddi war, ech ginn awer gären zou datt mir dee Moment wéi mir keen onofhängegen Entwéckler fir de Projet fanne konnten hätte sollen ophalen an den ONA doriwwer informéieren. De Wëllen hei eppes à tout prix ze maachen fir ze hëllefen wor naiv an et léiert ee mat der Zäit bäi. Vu datt awer de Projet ëmgesat gouf, beschränken ech mech am Follgenden op d'Agoen a Beäntwere vun de Kritikpunkten.

Eppes well ech awer nach eemol kloer soen, do wou den ONA eis ze vill Suen iwwerwisen huet, sollte mir déi och zeréck iwwerweisen, mir brauchen awer Kloerheet em wéi eng Posten et sech handelt a sollten do net virun de Won sprangen.


## Kritiken vu KPMG

Et muss ee generell soen datt d'Kritiken déi mir bis elo matgedeelt kruten virun allem betreffen datt Pièce gefeelt hätten. Mir wëssen awer aus der Presse datt KPMG och d'Existenz vun der App generell a Fro gestallt huet. Hei ass et wichteg ze wëssen datt souwuel den Minister an der Sëtzung vum 1.7.2024 vun der COMEXBU wéi och den Direkter vum ONA a sengem Mail un de Marc Goergen kloer soen/schreiwen : « *Vu dass déi App geliwwert gouf an déi Leeschtung och bezuelt gouf* »[5] an och d'Pièce n aus dem Apple Store beléeë konkludent datt et d'App gouf an datt se benotzt gouf, sou wéi am Schlussrapport festgehalen.

Hei drënner fann dir och e puer Screenshots vun der App.

---

[5] Message vum Marc am PL-Chat vun e Méinden 15/7/24 kuerz virun 22h00




E weidere Kritikpunkt deen d'KPMG laut der Presse formuléiert huet ass datt de Projet net propper ausgeschriwwe gewiescht wier. Dëst ass eis offiziell zwar ni kommunizéiert ginn, mir kënnen awer noweisen datt de Projet mat engem Cahier des Charges den 21/08/2016 um Site vun der Partei ausgeschriwwe gouf[6]. An enger Präsidiumssëtzung vum 12. September goufen ouni Präsenz vum René Schmit a mir selwer déi Sousmissiounen opgemaach. Mir hunn en amont och nach potenziell Firmen explizit ugeschriwwen a gefrot fir matzemaachen. Vun deenen huet awer jiddereen mat engem kloren Nee geäntwert. Den ONA huet och dës Ofsoen am Dossier an no eisem Versteesdemech KPMG konnte virleeën. De Virworf datt hei also eng onpropper Vergab virgeholl gouf kann ech unhand vun de Fakten net confirméieren.

Alles an allem huet den ONA – wéi een hei drënner gesi kann – 92.316,14 € vun eis zeréckgefuerdert. Dëst well se souwuel den nationalen Deel wéi och den europäeschen Deel zeréckfuerderen. Bizarrerweis huet d'KPMG awer e méi niddrege Montant am Audit stoen (79.910,91 €) an d'IGF sot eis an der Kommissioun datt si sech just op den europäeschen Deel beschränkt hätten, also op d'Hallschent, well déi national part wier jo vum *contrôleur financier* vum Ministère well akzeptéiert gewiescht. Da wiere mer bei 39.955,46 € oder nach manner, wann se z.B. de feelenden Aarbechtskontrakt berücksichtege genee sou wéi d'Serverkäschten. An de Ministère sot och well sie misste préiwen ob si iwwerhaapt Sue kënnen zeréckfuerderen wann d'Leeschtung erfëllt ass.

[6] https://web.archive.org/web/20160909204517/http://piratepartei.lu/?page_id=4499

https://web.archive.org/web/20160909204517/http://piratepartei.lu/wp-content/uploads/2016/08/cdc-malt-v2.pdf

### Frais personnel – Absences pour maladie

Hei gouf ugemierkt datt mir engem Salarié säi Krankeschäin net vun de Personalkäschten ofgezunn hätten. Dëst ass wouer an huet en Impakt vun 975,76 €.

### Frais d'équipement

Mir hu fir de Projet Laptoppen, zwee Handyen an en iMac kaf gehat. D'Laptoppen (3.056,16 €) an d'Handyen (2.881,98 € inkl iMac) hu mir och haut nach am Stock, den iMac gouf beim Abroch zu Koplescht geklaut. Do dernieft waren 110 USB Sticken fir 463,19 € kaf ginn. KPMG stellt d'Fro nom Zesummenhang mam Projet a freet sech ob dat net misst an d'Frais indirects. Och wa mir d'Laptoppen vun den Helpdesk-Agenten kloer am Zesummenhang mam Projet gesinn hunn, genee sou wei d'Geräter fir datt si d'App testen a weise konnten, sou kënne mir novollzéien datt dës Käschten an den indirekte Käschten hätte misste gedroe ginn.
Impakt : 6.411,32 €

### Serverkäschten

Mir haten MALT op enger virtueller Maschinn um Haptserver vun de Piraten bei datacenter.lu gehost an hunn d'Käschte vun dëser separater (virtueller) Maschinn a Rechnung gestallt. KPMG huet dëse Forfait – Server gedeelt duerch 2 virtuell Maschinnen – net verstanen an 1.908,84 + 3.744,46 = 5.653,30 € wollten ofzéien. Dëse Montant hu mir awer contestéiert, well e klore Lien mam Projet bestoung.

### Soustraitance Kontrakter

Dës Kontrakter goufen ze spéit ënnerschriwwen well mir dovunner ausgaange waren datt d'bons de commande an den ënnerschriwwen Cahier des Charges géifen duergoen. Mir sinn réischt 2019 vun Revex, dem réviseur d'entreprises vum ONA dodrop higewise ginn an hunn do d'Kontrakter ënnerschreiwe gedoen. Dëst huet den ONA 2022 och akzeptéiert, d'IGF gesäit dëst elo erëm anescht a mierkt e Montant vun 53.945,18 € un.

### Aarbechtskontrakt

Der IGF loung en Aarbechtskontrakt net fir deen awer souwuel an der richteger Period ënnerschriwwe war, wéi och virgeluecht konnt ginn wéi mir gefrot goufen. Dat hätt en Impakt vun 19.291,21 €

## Remboursement ?

An der Parteileedung goufe vill Froen betreffend en eventuelle Remboursement gestallt, vu datt am Moment guer net kloer ass wéi vill den Ministère konkret vun eis zeréck wëll, et ginn zwee Dokumenter mat ënnerschiddleche Montanten, sollte mir ofwaarden bis mer eng definitiv Äntwert vum Ministère hunn an dann dee Montant rembourséieren

deen dann nach gefrot gëtt. Eventuell ënner Virbehalt wa mir eis dann nach ëmmer net eens kéinte ginn.

Wat de Finanzement vun esou engem Remboursement ugeet hänkt vill vun der definitiver Somme of. Ech schléissen net aus en Deel vu menger Responsabilitéit ze huelen, wat bedeit datt ech als perséinleche Garant vun engem Prêt kann optrieden, deen Deel vum menge Jetonen deen iwwert dem statutareschen Deel läit dofir genotzt ka ginn – ech bezuelen 15% amplaz déi statutaresch 10% un d'Partei – oder aner Weeër déi mir beschwätze mussen. Ech ka mir awer net virstellen datt jiddereen deen Geld aus dem Projet krut dat d'selwecht gesäit a well nach eemol drop hiweisen datt déi Suen jo och a Salaire gefloss sinn.

Fir d'Beispill vu Clement & Weyer ze ginn – well dat jo ëmmer direkt erugezu gëtt. Mir hunn 641 Stonnen fir de Projet verrechent – haaptsächlech een Entwéckler – zum Stonnesaz vun 50,00 € htva. Dat sinn 32.050 € iwwert 3 Joer oder 36 Méint oder ca 18 Stonnen pro Mount an der Moyenne. Fir iech e konkret Reche Beispill ze ginn schafft eng Persoun 173 Stonne pro Mount, mir hunn also een Entwéckler wärend 3 Joer zu 10% ausgelaascht. Dësen huet e Salaire vun ca. 4.000 € Brutto gehat, wat heescht datt en 4.800 € kascht mat Chargen. Dozou kommen Congéë, Equipement, Formatioun, … sou datt een 15% nach eemol « Overhead » rechent da si mir bei 5.520 € an da kommen nach Steieren (ca 21%) déi een vum Revenu muss ofzéien, sou datt den Developer ca 32 €/h kascht a mir netto 41 €/h facturéiert hunn. D.h. soubal deen Entwéckler manner wéi 78% vun der Zäit « billable » schafft, verléiers de Geld. Mir hunn ëmmer fir 75-85% facturabel Stonnen gerechent, sou datt mir hei keng (oder eng marginal) Marge degagéiert hunn. Dofir ass et och elo ze verkierzt ze soen datt einfach sollen d'Suen vun enger Prestatioun déi erbruecht gouf zeréckbezuelt ginn. Ech ka jo net deem deemolegen Employé säin Salaire zeréckfroe goen. Genee sou wéineg wéi ech dem Marc Goergen säi Salaire vun deemols zeréckfuerdere kann.

## Responsabilitéit

Eng Weider Fro déi vill gestallt gouf ass, wien wor dann schlussendlech Responsabel ? Dat ass gläichzäiteg einfach a komplizéiert. Am Zweifel muss ëmmer den deemolege President de Kapp dohinner halen. D'Wourecht ass natierlech och méi nuancéiert. Sou waren fir d'Vergab 2016 de Sven Wohl, Andy Maar, Ben Allard a Flëp Backes präsent. Dëse Präsidium gouf awer well 2017 duerch Sven Clement, Camille Liesch, Andy Maar, Ben Allard, René Schmit, Lucie Kunakova a Jérôme Becker ofgeléist, déi den 10. Dezember 2017 ersat goufen duerch Sven Clement, Daniel Frères, Marc Goergen, Yvon Dostert, Lucie Kunakova, Ben Allard & Starsky Flor. A beim Ofschloss vum Projet hat de Präsidium nach eemol liicht geännert.

Ech sin och ganz formell datt ech zanter dem Kongress Ufank 2019 d'Responsabilitéit an der Partei ofginn hunn an de Marc Goergen als Koordinator d'Fiedem bei sech

zentraliséiert huet an d’Spriecher-Duo kee Pouvoir hunn. Eng ganz Rei Paiementer am Dossier MALT sinn réischt 2019 oder méi spéit getätegt ginn, well mir op d’Remboursementer vum ONA hu misste waarden. Fir de Cashflow vun der Partei ze schützen hunn ënnert anerem ech – iwwert meng Firma – déi Rechnungen net aktiv agedriwwen bis d’Partei d’Suen hat.

Domadder waren natierlech eng ganz Rëtsch Leit involvéiert an et ass schwéier dat schwaarz-wäiss ze beäntweren. Ech iwwerhuelen mäin Deel vun der Verantwortung a soe kloer, ech wor naiv deemools de Projet net ze stoppe wéi mer keen externen Entwéckler fanne konnten, ech iwwerhuelen och d’Responsabilitéit datt bei eis d’Paperassen net ëmmer 100% waren, dat ass eppes wat eis laang Jore geplot huet a vun der Cour des Comptes och ëmmer rem vermierkt gouf, wien erënnert sech net un den Foodtruck – manner erfollegräich – oder un eis #TORrorist T-Shirt-Aktioun – méi erfollegräich – déi am Contrôle ervirgehuewe goufen.

Dat ass den etheschen a moraleschen Deel, wat de rechtlechen Deel ugeet ass d’Verantwortung bei der Partei ab deem Moment wou d’Konten vum Landeskongress ugeholl goufen.

Am ASBLs-Gesetz steet am Artikel 14 :

« *L'association est responsable, conformément au droit commun, des fautes imputables soit à ses préposés, soit aux organes par lesquels s'exerce sa volonté. Les administrateurs ne contractent aucune obligation personnelle relativement aux engagements de l'association. Leur responsabilité se limite à l'exécution du mandat qu'ils ont reçu et aux fautes commises dans leur gestion.* »[7]

No der Approbatioun vun de Konten vun der Partei iwwerhëlt d’Partei domadder als Ganzem d’Responsabilitéit an en eventuelle Recours virum Geriicht kascht Geld an Zäit ouni Garantie eppes erëmzekréien.

Dofir sollte mir kloer tëscht moralesch a rechtlech ënnerscheeden an deementspriechend och eng Léisung sichen.

## Finanze vun der Partei

Erlaabt mir awer nieft dem brennenden Dossier MALT awer och nach fir Transparenz am Dossier Finanzen ze schafen. Et ass jo esou datt dëst fir déi meescht Leit e Buch mat siwe Sigelen ass an ech hunn dës Woch och vill Saachen héieren, wou einfach den Amalgam gemaach gëtt respektiv e Standpunkt vertruede gouf deen sech faktuell net beleeë léist.

---

[7] https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/1928/04/21/n2/jo#art_14

Fir et einfach ze maachen hunn ech mir all Kontebeweegungen vum nationale Parteikont zanter 2014, Fraktiounskont iwwert déi ganz Existenz, wéi d'VISAs-Kaarten an der Fraktioun vun Januar 2023 un ugekuckt. Dëst sinn d'Daten op déi ech iwwert de Web-Banking Accès hunn an domadder novollzéie kann. Ech hun och d'Bezierkskonte gekuckt an do probéiert Suen opzeschlësselen no Persoun, dat ass awer méi schwiereg well an de Kommissiounen eventuell aner Leit setzen wéi am Gemengerot, dofir hunn ech d'Jetonen jeeweils integral de Conseilleren imputéiert, dat dierft awer net all ze vill änneren am Constat deen dir zéie kënnt.

## Recette

Eis Statutte schreiwe fir Deputéierten 10% vum net versteierbaren Akommes fir, bis dato hunn d'Deputéiert awer ëmmer fräiwëlleg 15% ofgetrueden. An de Gemengen steet et laut Statutten de Vertrieder fräi, d'Partei recommandéiert awer mindestens 20%. Ech hunn d'Zuelen iwwerall zanter 2018 konnte kucken a stellen hei drënner d'Sommen duer.

### Jetonen Gemeng

Follgend Montanten sinn deenen eenzelen Conseilleren Stand haut z'attribuéieren.

| Persoun | Montant |
|---|---:|
| Marc Goergen | 20.367,02 € |
| Christian Welter | 17.506,94 € |
| Jean-Pierre Ecker | 5.528,91 € |
| Teresa Monteiro | 5.528,91 € |
| Starsky Flor | 5.421,81 € |
| Chris Bernard | 3.194,52 € |
| Pascal Clement | 2.035,46 € |
| Ben Polidori | 774,06 € |
| Tammy Broers | 600,00 € |
| Raymond Remakel | 545,00 € |
| Steven Curfs | 409,85 € |
| Morgan Engel | 327,92 € |
| Bruno Da Silva | 275,90 € |
| Gilles Mertz | 179,17 € |
| Daniel Frères | 150,00 € |
| **Total** | **62.845,46 €** |

### Jetonen Chamber

| Persoun | Montant |
|---|---:|
| Marc Goergen | 25.529,21 € |
| Sven Clement | 25.529,21 € |
| Ben Polidori | 5.859,48 € |

| **Total** | **56.917,90 €** |
|---|---|

## Donen

Hei hunn ech all Transactioun déi d'Wuert « Don » oder « Spend » dran hat comptabiliséiert.

| Persoun | Montant |
|---|---|
| CLEMENT SVEN | 14.185,12 € |
| FLOR STARSKY | 12.310,00 € |
| KUNAKOVA LUCIE | 9.615,50 € |
| LIESCH CAMILLE | 6.960,00 € |
| MERTZ GILLES | 5.418,00 € |
| WEYER JERRY | 4.925,35 € |
| CAMILLE LIESCH | 3.170,00 € |
| MAAR ANDY | 2.450,00 € |
| SCHMIT RENE | 2.014,00 € |
| JOSEPH LEON SCHOLL | 2.000,00 € |
| HEINEN CEDRIC | 1.450,00 € |
| ENGEL MORGAN | 1.310,00 € |
| DONDELINGER MARIE PAULE | 1.260,00 € |
| BACKES PHILIPPE | 1.254,40 € |
| BLESER GABRIEL | 1.175,00 € |
| LULOF XAVIER | 1.000,00 € |
| CLAUDE FABER-ODENHAUSEN | 1.000,00 € |
| FRERES DANIEL | 1.000,00 € |
| DI GIAMBATTISTA CARLO | 488,05 € |
| POLIDORI BEN | 378,00 € |
| BIS PIERRE | 300,00 € |
| RENE BARTHEL-BACK | 300,00 € |
| FELTES DANIEL | 225,00 € |
| Ceska piratska strana | 200,00 € |
| KESSELER FERNAND FRANCOIS JEAN | 200,00 € |
| KLEIN TOMMY | 200,00 € |
| MARX WILHELM NORBERT JEAN PIERRE | 110,00 € |
| RETTER YANNICK ET/OU SCHEER LAURA | 100,00 € |
| BRECKLER SVEN | 100,00 € |
| RASQUIN LUC | 80,00 € |
| BECKER ROLAND | 50,00 € |
| GUTH JAN | 50,00 € |
| HERREN-RAUSCH ALOYSE | 50,00 € |
| MEIER FRANCOISE | 50,00 € |
| NOEL JEAN-MARIE MARC | 50,00 € |

| | |
|---|---|
| KNAFF ALAIN | 40,00 € |
| JUNCKEL PATRICK | 35,00 € |
| SCHAACK JOE | 35,00 € |
| KNAFF ALAIN | 30,00 € |
| JEANNINE KUHN-POTT | 30,00 € |
| HOLTGEN FLORIAN | 26,47 € |
| KLEIN LILIANE | 25,00 € |
| FERREIRA ESTEVES MIKE | 20,00 € |
| GOERGEN MARC | 20,00 € |
| CLEMENT PASCAL | 16,00 € |
| SCHINTGEN STEPHANIE | 15,00 € |
| **Total** | **75.720,89 €** |

## Impakt Walresultater

Virum Superwaljoer krut d'Partei hir Dotatioun op Basis vun de Waljoren 2018 an 2019 ausbezuelt. Dëst op Basis vum Gesetz vum 21. Dezember 2007 iwwert Parteiefinanzéierung.[8]

Follgenden Tableau weist wat mir kruten a wéi sech de Montant verännert huet :

| Période | Resultat Chamber | Forfait | Variable | Resultat Europawalen | Coefficie | Variable EI | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Virun LEGI23 | 6,45 | 165.295,45 € | 78.460,24 € | 7,7 | 75% | 75.374,72 € | 319.130,41 € |
| Virun EU24 | 6,74 | 165.295,45 € | 83.573,38 € | 7,7 | 75% | 75.374,72 € | 324.243,55 € |
| No den EU24 | 6,74 | 165.295,45 € | 83.573,38 € | 4,92 | 100% | 51.484,02 € | 300.352,85 € |

Wärend d'Chamberwalen e positiven Impakt mat +5.113,14 € haten, hunn d'Europawalen eis e Verloscht vun -18.777,56 € abruecht pro Joer par rapport zu 2018. Oder aanescht ausgedréckt sinn dat iwwer 90.000 € op 5 Joer.

De Walkampf vun den Europawalen 2024 gouf ganz alleng vum Walkampfmanager Marc Goergen geleed deen et och kloer gemaach hat datt e vu mir nëmme wéilt datt ech e puer englesch Veranstaltunge sollt maachen, Präsenz um Terrain – Märt a Braderien – wor, dat ka jiddereen bezeien immens niddreg an d'Visibilitéit vun de Kandidat:innen net wierklech ginn. Déi Choixen, kaschten d'Partei elo iwwer 90.000 € iwwert 5 Joer. Während d'Chamberwalen trotz de Resultater am Süden an Osten nach 5.000 € d'Joer zousätzlech abruecht hätten, also 25.000 € u Méi-Recetten no de Chamberwalen déi mat zerstéiert goufen, alles an allem kascht d'Europawalkampagn vum Marc Goergen d'Partei also 115.000 € iwwert 5 Joer.

[8] https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2007/12/21/n8/consolide/20201220

## Ausgaben

Mir kënnen u sech net vun de Finanzen vun der Partei schwätzen ouni och iwwert d'Ausgaben ze schwätzen. Zanter Joren ass hei keng Gouvernance an eenzel Leit kënnen Ausgaben tätegen déi dann d'Partei engagéieren, ob dat Publicitéit ass an Zeitungen déi net budgetiséiert ass a fir déi kee Geld do ass – wéi am Osten geschitt – oder ob Plakater bestallt ginn fir déi et kee Budget gëtt.

D'Partei muss sech dringend e proppere 4-Aen-Prinzip fir Dépense ginn, wou just dat kann iwwerwisen a bezuelt ginn wat och am Budget stoung a vu mindestens 2 Persounen controlléiert gouf. Datt haut illimitéiert ouni duebel Ënnerschrëft ka gehandelt ginn, ass souwuel géint eis Statutten wéi och irresponsabel.

Sou goufen bal 40.000 € bei enger Firma ausginn déi dem Daniel Frères nostung (1 Vision SARL) déi en plus d'Material net mat Zäiten geliwwert huet wat zu Retarde beim Opbau vun der Gemengewalkampagne gefouert huet.

## Wien huet wat kritt aus der Partei ?

Nieft all deenen « neutralen » Zuelen geeschtert jo och am Moment duerch d'Géigend eenzelner, notamment ech selwer hätten sech un der Partei beräichert. Dofir, a well d'Parteileedung Transparenz an deene Froen méi wéi verdéngt huet, hunn ech fir eenzel Persounen déi ëmmer erëm genannt ginn hir perséinlech « Solden » gerechent. Essentiellement ass dat eemol alles gerechent wat se abezuelt hunn, an anerersäits wat se ausbezuelt kruten. Dëst natierlech perséinlech un d'Persounen op Basis vun de Banktransactiounen.

Do dernieft hunn ech och gekuckt wéi eng Firmen, déi Membere vun der Partei gehéieren gréisser Opträg kruten an déi zesummegerechent. Och hei op Basis vun den Banktransactiounen déi ech agesi kann.

Wann ech Privatpersounen kucken, da kommen ech op follgend Situatioun. E « + » heescht se hu méi abezuelt wéi ausbezuelt kritt an e « - » heescht se hu méi erauskritt wéi se abezuelt hunn. Wichteg : Ech hunn alles ausgeklammert wou e Remboursement war, well dëst jo kee Geld fir d'eegen Täsch ass an ech hunn d'Jetonen déi abehale goufen och agerechent.

| Persoun | Solde |
|---|---|
| Sven Clement | 26.189,08 € |
| Marc Goergen | 26.505,23 € |
| Ben Polidori | 5.859,48 € |
| Jerry Weyer | 5.791,35 € |
| Andy Maar | - 6.927,00 € |
| Ben Allard | - 4.011,09 € |

De selwechten Exercice hunn ech fir d'Firme gemaach déi mir an dem Marc Goergen nostinn, vu datt déi aner Persounen keng Firmen hunn.

Op de Parteikonten (inklusiv Fraktioun, fir all Doute z'évitéieren), kommen dobäi follgend Solden eraus :

| Firma | Solde |
|---|---|
| GOWE SARL | 60.512,06 € |
| Clement & Weyer | 40.493,95 € |
| 1 Vision SARL | 38.180,75 € |
| AccountTech Portugal | 29.414,82 € |
| MAUI ARTWORKS SA | 11.007,28 € |
| Printfactory | 4.261,49 € |

D'Perioden wou dës Firmen aktiv fir d'Partei waren sinn awer ganz ënnerschiddlech. An ech well 4 Spezifizitéiten ervirsträichen.

1. Bei Clement & Weyer ass ënnert anerem den Akaf vun der Piaggio fir 9.000 € dran deen iwwert d'Firma ofgewéckelt gouf wéinst dem Dédouanement an der TVA.
2. Printfactory ass d'Marque gewiescht déi de Marc Goergen als Salarié vun Clement & Weyer exploitéiert huet, dofir hunn ech dee separat geläscht.
3. AccountTech Portugal wor den Entwéckler fir d'Websäit an aner digital Outilen.
4. Déi meescht Saachen déi hei ofgerechent goufen sinn Printsaachen an zumindest fir Clement & Weyer huet d'Cour des Comptes sech dat eemol ugekuckt a festgestallt datt do kee Benefice gemaach gouf.

## Fraktioun

Finalement gëtt et awer nach e weidere Volet deen een net sollt ignoréieren an dat ass d'Fraktioun an de Fait datt all Deputéierten do eng eege Visa huet fir Dépensen fir d'Fraktioun ze tätegen. Ech selwer hu meng 95% vun der Zäit un de Staff delegéiert, hunn awer och perséinlech Transactiounen drop, meeschtens sinn ech awer iwwert de Wee vu Remboursementer gefuer.

Leider ginn d'VISA Extraite just op den 1.1.23 zeréck a mir hunn réischt dem 1.1.2024 eng analytesch Comptabilitéit déi Rechnungen kloer Persoune kann zouweisen, iwwregens e Schrëtt a Richtung besser Gouvernance deen ech zesummen mam Ben Polidori op de Wee bruecht hat.

Hei ass en Deel menger Appreciatioun iwwerlooss gewiescht wou echt hu missten e Choix treffen fir eppes als « Privat » oder « Fraktioun » ze klassifizéieren. Schlussendlech hunn ech et einfach gemaach : Restaurant, Moud a Coiffeur hunn ech als privat klasséiert. Facebook Werbung an änleches net. Saturn oder Lineheart ass och fir d'Fraktioun ausser et wor en zweet oder drëtt Gerät.

| | Total | | Privat | |
|---|---|---|---|---|
| **Persoun** | **Montant** | **# Txn** | **Montant** | **# Txn** |
| Sven Clement | 16.873,56 € | 9 | 3.436,42 € | 36 |
| Marc Goergen | 51.440,15 € | 595 | 29.997,19 € | 324 |
| Ben Polidori | 9.620,37 € | 24 | 5.164,92 € | 11 |

De Marc Goergen huet vill vu Vertrauen an der Presse geschwat, ech vertrauen him da mol datt 88 mol am Restaurant an 19 Méint – an dat si just déi Iessen op engem Weekend, respektiv 11 mol beim Coiffeur, 3 mol mam Auto am Garage oder 28 mol am McDonalds mat der Fraktiouns-VISA sengem Mandat entspriechen. Ech perséinlech hunn do awer eng aaner Opfaassung…

An aller Transparenz well ech nach umierken datt an där heiten Opléschtung vu mir 2 Deplacementer feelen, déi ech selwer virgestreckt hunn, déi awer fir d'Fraktioun waren. Eemol Brasilien – déi Rees ass bekannt – an eemol bei d'UN op New York fir eng

Konferenz iwwert Nuklear Ofrüstung. Ze notéiere bleift bei der leschter Rees datt den Ben Polidori hätt sollte matgoen, aus familiäre Grënn dunn net konnt, an de bezuelten Ticket an der Businessclass fir eng Vakanz mat der Famill Ouschtere genotzt huet. Dës Dépense feelt och a sengem Tableau an huet eng Valeur vun ca 3.900 €. Fir all Doute z'évitéieren hunn ech dësen Trip bei mir och als "Privat" agerechent obwuel e kloer fir d'Fraktioun war an ech och alleng zu NY de ganzen Dag a Reunioune war.

## Decompte

Wann een all déi Posten zesummerechent déi ech hei genannt hunn, kënnt een op follgend Solden. Ech iwwerloossen et dann jidderengem seng eege Schlussfollgerungen ze zéien:

| Persoun | Solde |
|---|---|
| Sven Clement | 18.852,66 € |
| Jerry Weyer | 5.791,35 € |
| Ben Polidori | - 2.053,38 € |
| Marc Goergen | - 3.491,96 € |
| Ben Allard | - 4.011,09 € |
| Andy Maar | - 6.927,00 € |

D'Fro wien hei perséinlech vun der Partei profitéiert huet misst mat deem Tableau kloer beäntwert sinn. Während 15 Joer an der Partei hunn ech iwwert 18.852,66 € méi an d'Partei gestach wéi ech krut, dat ass och wéi et soll sinn, mir sinn jo kee Self-Service!

# Annexes

## E-Mail vum 30. Juli 2023 un d'Parteileedung

**Subject:** Propose Plakater (national)
**Date:** Sunday, 30 July 2023 at 18:37:22 Central European Summer Time
**From:** Sven CLEMENT
**To:** Ben Lomel, Ben Polidori, Bruno Da Silva, liecam, Chris Bernard, Christian WELTER, Daniel Frères, Ecker Jemp, Gilles MERTZ, Kim Müller, Mandy ARENDT, Marc GOERGEN, godefroid14, Morgan Engel, Pascal CLEMENT, Piratepartei Bezierk Zentrum, rremakel, Rebecca LAU, Sonja Barthel, Starsky FLOR, swcurfs, Sven CLEMENT, Tammy Broers, Vincenzo Turcarelli, Yann Pellé
**CC:** Tommy KLEIN, Stephanie SCHINTGEN, Carole Weiler, Josiane ENGEL
**Attachments:** Plakater_small.pdf

Gudden Owend,

Vu datt mir eis Plakater sou lues musse preparéieren, musse mir och e Choix treffen wéi eng national Themeplakater bestallt ginn.

> Pour rappel:
> Mir hunn **20 verschidden national Motiver** + 68 Motiver déi jeeweils mat engem Kandidat/enger Kandidatin verknäppt sinn. (Dofir kréien Är Spëtzekandidaten/Koordinatoren nach e separate Mail). All Bezierk kann natierlech nach weider Plakater bestellen, och mat anere Motiver, hei geet et drëms d'Plakater ze bestëmmen déi duerch d'ganzt Land visibel wäerte sinn!

An der Annexe fannt dir 50 Propose vu Motiver déi de @Marc GOERGEN erstallt huet. **Dofir e grousse Merci !**

Opgrond vun där Propose géif ech virschloen folgend Motiver als national Themeplakater zeréck ze behalen (am Attachment och markéiert):

1. Sécherheet: Eng staark Police um Terrain (#03)
2. Ëmweltschutz: Belounen amplaz bestrofen (#04)
3. Familljepolitik fir all Choix (#05)
4. Aarbecht: Fir eng besser Work-Life-Balance (#06)
5. Sozial: Keen op der Strooss zeréckloossen (#07)
6. Altersaarmut verhënneren (#08)
7. Déiereschutz stäerken (#11)
8. Lokal Liewensmëttel, Eis Bauere stäerken (#20)
9. Gutt wunnen & gutt liewen (#23)
10. Logement 10€/m2 (#27)
11. Logement 10€/m2 (#28)
12. Ee neie Steierkredit fir Zënsen #kafkraaft (#32)
13. Fir méi Steiergerechtegkeet #kafkraaft (#33)
14. Äddi Steierklass 1(a) #gerecht (#35)
15. Matbestëmmung & Transparenz verbesseren #demokratie (#36)
16. eist Handwierk stäerken (#40)
17. Crèchen ouni Profit (#43)
18. Méi schnell e Rendezvous kréien (#45)
19. Dokteren méi no doheem (#46)
20. Congé parental erweideren (#49)

De Slogan hunn ech net ausgewielt well mer deen nach 464x hunn (op LB, FR, EN, PT), Policepräsenz hu mer och nach 204, idem nach 57 Déiereschutz zousätzlech (an nach vill aanerer aus der Gemengewalcampagne déi kënne recycléiert ginn)

**Wäert dir domadder averstanen? Mir missten bis en Mëttwoch den 2.8.2023 em 12:00 eng Entscheedung hunn fir se an den Drock kënnen ze ginn.**

Ech sinn oppe fir all aaner Propose, w.e.g. maacht dann awer eng konkret Propose am Stil: „*X duerch Y ersetzen*".

Iech all e gudde Start an d'Woch (an eng schéin Vakanz fir déi, déi fort sinn 😎)!

Sven

## Kommunicatioun mam ONA betreffend Remboursement

*D'Bréiwer sinn annexéiert.*

# App Store Removal Notice

**MALT** Distribution TestFlight Xcode Cloud

< App Review

## Communication Message

Unresolved issues

### Messages (2)

**App Review** 2021-09-15 4:02 AM

Hello,

On September 1, 2016, we announced that we will be implementing an ongoing process of evaluating and removing apps that no longer function as intended, don't follow current review guidelines, or are outdated.

We noticed that your app has not been updated in a significant amount of time.

**Next Steps**

To keep your app on the App Store, submit an updated version for review and make sure it follows the latest App Review Guidelines. If you are unable to submit an update within 30 days, your app will be removed from the App Store until you submit an update, and it is approved.

**If Your App is Removed**

Your app will remain fully functional for current users. They will experience no interruption to services, will still be able to buy in-app purchases, and can re-download the app while restoring from an iCloud or iTunes backup. However, we recommend that you update your app as soon as possible to reinstate it on the App Store and ensure that it remains functional and engaging for new and existing customers.

You can continue to use your current app name, as your app has not been deleted from your account. However, please note that if your app name is longer than 50 characters, you will need to modify it to meet current naming guidelines.

The TestFlight version of this app will also be unavailable for external and internal testing and all public TestFlight links will no longer be functional until the production version of your app is submitted for review and approved.

**Additional Information**

Learn more about changes to the App Store and keeping your apps up-to-date.
App Store Improvements
App Review Resources
Debugging Your Apps

Best regards,

App Store Review

**App Review** 2021-10-15 10:50 AM

Your app has an unresolved issue and has been removed from the App Store.

**Grace Period**
Oct 15, 2021

**Guideline (1)**
Other

**Version Applicable (1)**
iOS 1.0

MALT